

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

An engem groussherzogleche Reglement sinn d'Dispositiounen iwwert d'Nuetsrou um Findel festgehalten. Wéi et an engem rezente Presseartikel aus der "Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek" awer heescht, ass et zu enger traureger Normalitéit ginn, datt dës Dispositiounen permanent violéiert ginn. Dëst huet selbstverständlech negativ Auswierkungen op d'Bierger, déi an deem Beräich wunnen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt d'Dispositiounen aus dem groussherzogleche Reglement iwwert d'Nuetsrou um Findel dacks net respektéiert ginn? Geschitt dat an all Fall mat enger Erlabnis vun dem zoustännege Minister? Wann nee, wéi eng Sanktiounen si virgesinn a goufen eventuell scho verhaangen?
2. Wa jo, wat sinn d'Grënn, datt den Här Minister dës heefeg Violatiounen vun der Nuetsrou um Findel toleréiert?
3. Wéi gesäit den Här Minister d'Zukunft vun de Nuetsvollen um Findel? Sinn déi aktuell Dispositiounen an den Ae vun Här Minister nach realistesch? Wou läit d'Prioritéit vun Här Minister, bei der Nuetsrou vun de Leit aus der Géigend oder beim Fonctionnement vun Fluchhafen och nuets?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten